Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

1 2 3 4

# Léisungen

## Widderhuelung 1

# Léisungen Widderhuelung 1

## *Eng kleng Widderhuelung* Säit 64

*1. Wat passt? Kombinéiert.*

| | |
|---|---|
| 1. Wéi geet et dir? | **g. O, net immens.** |
| 2. Vu wou kommt Dir? | **f. Aus Portugal.** |
| 3. Wou wunns du? | **a. Zu Lëtzebuerg.** |
| 4. Wat fir en Dag ass iwwermuer? | **h. Sonndeg.** |
| 5. Wéi ass Ären Numm, wannechgelift? | **d. Martine Schmidt.** |
| 6. Ech maache gär Sport, an du? | **c. Ech och.** |
| 7. Wat sidd Dir vu Beruff? | **b. Ech si Sekretärin.** |
| 8. Wéi fiers du op d'Aarbecht? | **e. Mam Bus.** |

*3. Formuléiert Froen an Äntwerten. Schafft zu zwee.*

| | |
|---|---|
| Wéi heescht hatt?<br>Wéi ass säin Numm? | *Hatt heescht Maria da Costa.*<br>*Säin Numm ass Maria da Costa.* |
| Wat fir eng Nationalitéit huet hatt? | *Hatt ass Portugisin.* |
| Wou wunnt hatt? | *Hatt wunnt zu Ettelbréck.* |
| Wéini huet hatt Gebuertsdag?<br>Wéini ass hatt gebuer? | *Hatt huet den 31. Mee Gebuertsdag.*<br>*Hatt ass den 31. Mee gebuer.* |
| Wat fir Sprooche schwätzt hatt? | *Hatt schwätzt Portugisesch, Franséisch a Lëtzebuergesch.* |
| | |
| Wéi heescht hien? | *Hien heescht Matthieu Kirsch.* |
| Wat schafft hien?<br>Wat ass hie vu Beruff? | *Hien ass Informatiker.* |
| Wou schafft hien? | *Hie schafft op enger Bank.* |
| Ass hie bestuet? | *Jo, hien ass bestuet.* |
| Wat mécht hie gär?<br>Wat mécht hien a senger Fräizäit? | *Hien danzt gär Salsa.*<br>*Hien danzt Salsa.* |

*4. Wien ass dat? Wat mécht hien? Beschreift d'Persoun.*

*Zum Beispill:*

Dat ass den Eric. Hien ass Lëtzebuerger. Hien ass 40 Joer al an hien huet zwee Kanner. Hien huet vill Hobbyen: Hie fiert gär Vëlo, hie mécht gär Fotoen an hie spillt Piano. Hie kuckt gär Fussball op der Tëlee. Sonndes kacht hien normalerweis fir d'ganz Famill.

# Léisungen Widderhuelung 1

## *Eng kleng Widderhuelung* Säit 65

*5. Wat ass richteg? Lauschtert a kräizt un.* *71*

| | | |
|---|---|---|
| 1. D'Madame Vermeer wunnt | ☐ | 10 Joer zu Lëtzebuerg. |
| | ☒ | 15 Joer zu Lëtzebuerg. |
| 2. Si ass | ☒ | bestuet. |
| | ☐ | gescheet. |
| 3. Si | ☐ | wunnt an der Stad. |
| | ☒ | schafft an der Stad. |
| 4. Si kënnt | ☒ | aus der Belsch. |
| | ☐ | aus Frankräich. |
| 5. Si | ☒ | schwätzt Lëtzebuergesch op der Aarbecht. |
| | ☐ | schwätzt Lëtzebuergesch doheem. |
| 6. Si schafft bis | ☐ | 18.00 Auer. |
| | ☒ | 19.00 Auer. |
| 7. Si fiert | ☐ | all Dag mam Bus. |
| | ☒ | oft mam Bus. |
| 8. Si schafft | ☐ | méindes. |
| | ☒ | samschdes. |
| 9. Si geet | ☐ | eleng an d'Schwämm. |
| | ☒ | mat enger Frëndin an d'Schwämm. |
| 10. Si mécht | ☒ | vill Sport. |
| | ☐ | net vill Sport. |